Studentenjob 2017 zu Dikrich

Dëse Mail kënnt Dir un all Interesséiert **Studente vu 18 Joer** un, weiderschécken.

Wien ass interesséiert un engem Studentenjob an dëser Summervakanz zu Dikrich um Centre National d'Eau Vive?

Agestallt a bezuelt gëtt iwwert den Tourismus (ORTAL).

D'Responsabilitéit um Site huet den Erny Klares.

Samschdes a Sonndes muss **ëmmer** geschafft ginn.

Missioun:

Verloune vu Paddelbooter um flaache Waasser.

Accueil vu Clienten.

Aktivitéit erklären an akasséieren.

Clienten aweisen an d'Paddelen

Clienten assistéieren beim eran an erausklammen.

Moniteuren gelegentlech assistéiere bei Aktivitéiten um Wëllwaasserkanal an um flaache Waasser.

Allgemeng Iwwerwaachung vun den Aktivitéiten, Rangéieren, Botzen a Reparéiere vum Material.

Gefrot:

Frëndlech a kontaktfreedeg vis à vis vun de Clienten!

(Ouni deenen op de Wecker ze goen an de Kapp vollzequatschen.)

Opgepast: Dësen Job ass Näischt fir Leit déi Problemer mam Réck oder soss iergendwéi hunn an/oder näischt hiewe kënnen!

Well et déi éischt Saison zu Dikrich ass, kann d'Jobdescription eventuell nach kuerzfristeg ugepasst ginn.

Kandidaten déi paddele kënnen, gi virgeholl.

Autosführerschäin ass net noutwendeg.

Zuch a Busgare ass op 300 Meter vum Site.

Informatiounen kënne bei mir ugefrot ginn um info@kanuraft.eu

Gitt mer wegl. 48 Stonnen Zäit fir z'äntwerten, ech si vum 24/04 bis den 9. Mee net zu Lëtzebuerg a kommen net ëmmer u meng Mailen.

Bis geschwenn.

Erny KLARES.

KanuRaft s.à r.l.

86, rue de Steinsel

L-7254 BERELDANGE

Luxembourg

Tél: (+352) 691/430 628

www.kanuraft.eu

info@kanuraft.eu